

# déi Lénk

## Communiqué

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2021

### **De Mesurëpak géint d'Drogekriminalitéit: Vill Ales, schéi Wieder an och Problematesches.**

Haut huet de Minister fir bannescht Sécherheet, den Henri Kox, säi Pak vu Mesure fir d'Drogekriminalitéit ze bekämpfe virgestallt. déi Lénk begréissen, dass de Minister gréisstendeels der Fal vum Law&Order Discours, sou wéi seng Koalitiounskolleegen aus der DP e féieren, entkomm ass andeems hie méi op Präventioun wéi op Repressioun setzt.

Et ass awer nach laang net alles gutt. Vill vun de Mesuren, virun allem déi aus de Beräicher Jugend a Gesondheet, sinn extrem vag. Et si schéi Wieder an et muss een elo ofwaarden, wéi dës schéi Wieder a konkret Aktiounen um Terrain ëmgesat ginn. Dobäi kënnt, dass eng Rei Mesuren aus dem Plan d'action national drogues 2020-2024 stamen. Déi sinn also net wierklech nei an et muss ee sech froe firwat déi Mesuren nach net ëmgesat goufen?

Richtig problematesch gëtt et am Beräich, deen d'Police betrëfft. Verstärkt Videosurveillance, d'Asetze vu sougenannte Bodycams an de « Platzverweis » ginn hei opgeléicht. déi Lénk si prinzipiell géint dës dräi Mesuren. Mat der Videosurveillance iwwerwaacht ee jiddereen an et féiert een also de « Generalverdacht » an. Dobäi kënnt, dass d'Videosurveillance net wierklech effikass ass an der Bekämpfung vun der Drogekriminalitéit. Et ass och schleierhaft fir déi Lénk wéi Bodycams an der Bekämpfung géint Drogekriminalitéit bäidroen. De Platzverweis, schlussendlech, ass eng Measure, déi Dier grouss opmécht fir all Form vun Abuse géint déi schwächsten aus eiser Gesellschaft. Dat ass een Hohn.

Déi zwou Mesuren, déi den Ausseministère betreffen hannerloossen ee ganz komesche Bäigeschmaach, well se een implizitte Lien tëscht Immigratioun an Drogekriminalitéit herstellen. Dat ass fir déi Lénk een absolutten No-Go.

déi Lénk si prinzipiell der Meenung, dass dat repressiivt Arsenal sënnlos ass a begréissen dofir, dass d'Regierung weider un der Legalisatioun vum Cannabis schafft, mee d'Iddi vun enger "Décorrectionnalisation" geet net wait genuch. déi Lénk wäerten d'Ëmsetzung vun deem Mesurëpak kritesch begleeden an all Law&Order-Deriven ëffentlech thematiséieren.

Matgedeelt vun der sensibilité politique déi Lénk